



REÇU

Par Alf Christian, 10:08, 18/04/2020

Monsieur Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés

Luxembourg, le 18 avril 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, des parlamentaresch Fro un d'Madamm Familljeministesch weiderzeleeden.

An der Aktualitéitsstonn vum 23.Oktober 2019, déi d'CSV zum Drëtten Alter ugefrot hat, sot d'Madamm Ministesch dat SERVIOR vum Ministère den offiziellen Optrag kritt huet den Nei- an Ausbau vum CIPA zu Rëmeleng ze kucke fir dass dësen elo definitiv „désengorgeiert" gëtt fir dat endlech ka gebaut ginn. Sätdeem si 6 Méint vergaangen, mee de Projet läit nach ëmmer op Eis.

An dem Kontext, well ech folgend Froen un d'Madamm Familljeministesch stellen:

- Wou ass den Dossier aktuell drun?
- Wessend dat den Dossier vum CIPA zu Rëmeleng vu SERVIOR als Bauhär iwweholl ginn ass, wéi eng konkret Mesuren huet de Familljeministère als Verantwortleche vu SERVIOR schonn ënnerholl, respektiv wäert nach ënnerhuele fir den Dossier ze „désengorgeieren"?

Mat déiwem Respekt,

Marc Spautz

Deputéierten



Réf. 2020/2884

Dossier suivi par :
Dominique Faber
Tél : 247 86540

Luxembourg, le 26 mai 2020

REÇU
Par Alff Christian , 14:58, 27/05/2020

Le Ministre de la Famille et de l'Intégration

à

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

Concerne : question parlementaire n° 2060 de Monsieur le Député Marc Spautz

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe la réponse du Ministère de la Famille, de l'Intégration et à la Grande Région à la question parlementaire n° 2060 de Monsieur le Député Marc Spautz, en vous priant de bien vouloir la transmettre à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments respectueux.

Le Ministre de la Famille et de l'Intégration

Corinne CAHEN

Äntwert vun der Familljen- an Integratiounsministesch op d 'parlamentaresch Fro n° 2060 vum Deputéierte Marc Spautz iwwer den Neibau vum CIPA Rëmeleng.

De Kontrakt tëschent SERVIOR an dem Architekt, deem mam Neibau vum CIPA Rëmeleng beoptraagt ass, ass den 22 Mee 2020 ënnerschriwwe ginn.

Et ass virgesinn, dass de Bau 2022 ufänkt an dass dat neit Gebai 2025 fäerdeg soll sinn.